LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 28 octobre 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 2960 du 8 octobre 2020 des honorables députés Max Hahn et Claude Lamberty concernant les mariages civils en dehors de la maison communale**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, an der Madame Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro n° 2960 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty zum Sujet "mariages civils en dehors de la maison communale"**

Wéi déi honorabel Deputéiert et an hirer parlamentarescher Fro ganz richteg ënnersträichen, ass et de kloere Wonsch vun dëser Regierung, d'Gesetzestexter ronderëm d'Ofhale vun zivillen Zeremonien ze moderniséieren an de Gemengen heifir en adaptéierten, a méi flexibele Kader ze schafen, fir esou och de Wënsch vun de BiergerInne kënnen entgéint ze kommen.

Konkret steet dozou am Koalitiounsaccord Folgendes: « *Les communes seront soutenues dans l'organisation de cérémonies civiles (entre autres mariages, funérailles). Les législations afférentes seront modernisées. L'ensemble des textes concernant l'inhumation, les sépultures, les cimetières et les funérailles seront revus. Des solutions régionales seront recherchées pour répondre aux différents rites funéraires.* ».

Déi Upassungen, déi am Kader vun der COVID-19 Pandemie gemaach goufen, gesinn aktuell vir, dass de Schäfferot d'Méiglechkeet huet, niewent dem Gemengenhaus, zousätzlecht Gemengegebaier fir d'Feiere vun enger ziviller Zeremonie ze bestëmmen. Dës Gebaier sollen engem kommunalen, ëffentlechen Déngscht zougewise sinn an d'Anhale vun de Gesondheetsmoossname garantéieren. Dem Schäfferot seng Délibératioun muss vun der Inneministesch approuvéiert ginn, fir kënnen exekutéiert ze ginn. Déi aktuell Mesure si bis den 31. Dezember 2020 a Kraaft, a kënnen och eng weider Kéier verlängert ginn, falls d'Entwécklung vun der Pandemie dëst verlaangt.

Trotz den Ëmstänn, déi dozou gefouert hunn, dass eng Upassung vun der aktueller Gesetzgebung temporär néideg war, huet dëst eis och erlaabt, d'Ëmsetzung vun de neie Modalitéiten en Vue vun enger permanenter legislativer Upassung z'évaluéieren.

D'Aarbecht fir déi definitiv Reform ass op dëser Basis am Gaang. Déi zukënfteg Modalitéite fir eng Feier vun engem ziville Bestietnes z'organiséieren, wäerte sech gréisstendeels op déi vum aktuellen ofgeännerte Gesetz vum 24. Juni 2020[1] baséieren, an de Gemengen d'Méiglegkeet ginn, déi gëeegent Plazen ze determinéieren. Dës Plaze wäerten awer enger Rei u Critèren entsprieche mussen, zum Beispill, fir den ëffentlechen Zougang ze garantéieren.

Soubal d'Aarbechten tëschent eisen zwee Ministère prett sinn a no enger Consultatioun vum Syvicol, wäerte mir dësen Text an d'legislativ Prozedur kënne ginn.

---

[1] Loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19